N° 8055
Entrée le 28.06.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement

**Äntwert vum Wunnengsbauminister op d'parlamentaresch Fro n°8055 vum 2. Juni 2023 vum Här Deputéierten Marc Goergen betreffend d' « achat de projets privés par l'État ».**

Et ass richteg, dat de Staat an Diskussiounen ass fir verschidde Wunnengsbauprojeten an der Vefa opzekafen. Et handelt sech dobäi ëmmer em Projeten déi konform sinn zum Cahier des Charges fir erschwénglech Wunnenge vum Wunnengsbauministère.

Esou laang awer keen definitive Kafvertrag ënnerschriwwe gouf kann d'Regierung keng weider Detailer zu den eenzele Projete matdeelen. Alles anescht géing géint déi géigesäiteg Confidentialitéitsklausel verstoussen.

Natierlech wäert d'Regierung no der Ënnerschrëft ënnert déi Acten d'Chamber iwwert all Detail informéieren.

Lëtzebuerg, den 28/06/2023.
De Wunnengsbauminister.
(s.) Henri Kox